ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Dezember 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Bannescht Sécherheet an un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

D'Zukunft vum Musée vun der groussherzoglecher Police ass ongewëss. Dëse Musée huet de Merite, wann och mat ganze bescheidene Mëttelen déi reng op de Benevolat opgebaut sinn, der „Fliicht zur Erënnerung" (devoir de mémoire) nozekommen, dëst fir ee vun der ganz wichtege Corpse fir eist Land.

Nieft den Erënnerungsstécker, déi am Musée ausgestallt sinn, wéi Uniformen an Interventiounsween, geet et an dem Musée och drëms, d'Geschicht vun der Police an der Gendarmerie waakreg ze halen.

Donieft kéint de Musée vun der groussherzoglecher Police eng Attraktioun fir Touriste sinn, d'Evolutioun vun den Techniken an der Investigatioun opweisen, Schoulklassen empfänken an esou och de Beruff vum Polizist opwäerten.

Och d'Gebai selwer – wat sécherlech sanéiert misst ginn – ass e wichtegen Zeie vun Industriegebaier aus der Mëtt vum 20. Joerhonnert, esouwuel wat d'Architektur selwer betrëfft wéi och Lifter, Fossen a Kranen.

Et schéngt awer esou ze sinn, datt d'Fro vum Policemusée an dem neie Koalitionsprogramm net ernimmt ass.

Dowéinst wéilt ech der Madamm an dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Deelt d'Regierung d'Meenung, datt d'Flicht zur Erënnerung och vis-à-vis vun

der Geschicht vun der Police an der Gendarmerie ze respektéieren ass? Wëll déi nei Regierung d'Iddi vun engem Policemusée weider promovéieren?

2. Ass d'Regierung bereet,d'A.s.b.l. „Musée de la Police grand-ducale" esou ze ënnerstëtzten, datt déi wäertvoll Kollektioun erhalen an ausgebaut ka ginn oder huet déi nei Regierung nach alternativ oder zousätzlech Propositiounen?

3. Ass d'Regierung bereet, d'Haltung vun der Virgängerregierung vis-à-vis vum Gebai um Verluerekascht ze iwwerdenken, an esou dem Avis vun der Kommissioun fir Plazen a Monumenter ze respektéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten